ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 13. Januar 2022

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

Am Artikel "*Les entreprises se sentent à l'étroit*", deen den 29. Oktober am Quotidien publizéiert gouf, heescht et, datt d'Handwierksbetribber zu Lëtzebuerg akut Probleemer hunn, fir Terrainen ze fannen. Nieft der allgemenger Knappheet vun den Terrainen hei am Land droe laut Ausso vum Direkter vun der Handwierkerkummer och eng Rei reglementaresch Probleemer zu dëser schwiereger Situatioun bei. Sou gëtt et laut dem zitéierten Artikel zum Beispill e Verbuet fir Bauentreprisë, fir hir Maschinnen dobaussen ze stockéieren an e Showroom fir eng Autosgarage ass d'Office op 2000 Meter Carré limitéiert.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister fir Ekonomie gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert den Här Minister op dës Ausso? Si kuerzfristeg reglementaresch Upassungen ugeduecht, fir de Probleem op mannst um administrativen Niveau opzefänken?
2) Wéi reagéiert den Här Minister op d'Fuerderung vun der Handwierkerkummer fir an der Groussregioun grenziwwerschreidend ekonomesch Aktivitéitszonen (ZAE) ze schafen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten